ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Industriell Wandanlage béisse bäi Frascht bis zu 20 Prozent vun hirer Leeschtungsfäegkeet an. Ausserdeem gëtt de Verschléiss staark erhéicht.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi eng Leeschtungsverloschter a Schied opgrond vu Frascht huet d'Regierung wärend de Joren 2013 bis 2020 bäi eisen industrielle Wandanlage jeeweils konnte feststellen?
2) Wéi eng chemesch Mëttele sinn an där Zäitperiod agesat ginn, fir eis industriell Wandanlagen ze entäisen? Koumen hei och potenziell ëmweltschiedlech Substanzen zum Asaz?
3) Wéi héich sinn d'Käschten déi dës Entäisunge mat sech bréngen?
4) Wéi beurteelt d'Regierung dës Aschränkung am Hibléck op déi allgemeng Volatilitéit vun den erneierbaren Energien, déi am Wanter souwisou héich ass a woubäi de Wanter och deen Zäitraum duerstellt, wou am meeschten Energie gebraucht gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten